Lëtzebuerg, den 11. November 2026

COMMUNIQUE DE PRESSE

No enttäuschender Entrevue beim Logementsminister:

Nëmmen duerch eng breet Mobiliséierung gëtt d'Urgence am Logement unerkannt

De *Kollektiv Logementskris* begréisst dem Minister seng Invitatioun fir d' Entrevue déi gëschter, den 10. November, am Nomëtte stattfonnt huet. Als Dialog oppene Kollektiv freeë mir eis iwwert all Echange.

Mir bedaueren awer dass d'Reunioun sech vu Säite vum Minister op eng einfach Diskussioun vun annoncéierte Mesuren an Investitioune limitéiert huet.

Mir zéien dräi Konklusiounen aus dëser Reunioun:

1. Op d'Nofroe vum Kollektiv, zu de verschidde Fuerderungen, wéi zum Beispill den Delaien, fir eng Reforme vum VEFA Gesetz, dem Leerstandsrëgester oder eng Steier op eidelstoend Wunnenge konnt de Minister just dorobber verweisen, dass hien net de zoustännege Minister dofir wier.
2. D'Noutwendegkeet eng Kommissioun ënnert der Autoritéit vum Premier Minister ze schafen, déi et erméiglecht den zoustännege Ministeren zesummen ze kommen an eng gemeinsam Logementsstrategie mat konkreten Delaien auszeschaffen, huet sech duerch dësen Echange ganz kloer bemierkbar gemaach.
3. Mir fillen eis als Kollektiv bestätegt, dass nëmmen eng breet Mobiliséierung et erlaabt, dass d'Urgence am Logement vu Säite vun der Politik unerkannt gëtt.

Ze vill strukturell Mesurë bleiwen um Stadium vun der Annonce stoen oder ginn iwwert Jore schleefe gelooss, obwuel mir an enger Krisesituatioun sinn.

Dofir ruffe mer jiddereen dozou op, den 13 November um 18h00, um Hamilius op d'Manifestatioun géint d'Logementskris ze kommen an eis Petitioun 4246 um Site vun der Chamber ze ënnerschreiwen.

Kollektiv Logementskris

